N°4483
Entrée le 16.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.07.2026
Chambre des Députés

AN DER CHAMBER

**Här Claude Wiseler**

**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 16. Juli 2026**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul an den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Déi rezent Virfäll am Zesummenhang mat méiglechem Mëssbrauch, onrechtméissegem Zougang zu Leeschtungen a méigleche Korruptiounsfäll an der Direction générale de l'immigration hunn d'Bedeitung vu funktionéierenden interne Kontrollmechanismen an der ëffentlecher Verwaltung nach eng Kéier däitlech ervirgehuewen.

Dës Entwécklunge werfen d'Fro op, ob an anere sensibele Verwaltungsberäicher genuch Garantië bestinn, fir Mëssbrauch, gefälschten Dokumenter oder onreegelméissegen administrativen Decisioune virzebeugen. Dat gëllt besonnesch fir d'Prozedure ronderëm d'Unerkennung an d'Homologatioun vun auslänneschen Diplomer, wou d'Authentizitéit vun den agereechten Dokumenter eng zentral Viraussetzung fir eng korrekt administrativ Decisioun duerstellt.

An deem Kontext wollt ech follgend Froen un d'Madamm Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul an den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

- Wéi gëtt am Kader vun der Homologatioun an der Unerkennung vun auslänneschen Diplomer a Certificaten kontrolléiert, datt déi virgeluechten Diplomer oder Certificaten an déi dozou gehéierend Dokumenter authentesch sinn, an net gefälscht oder op eng aner Manéier manipuléiert goufen?
- Op wéi eng Instrumenter oder international Zesummenaarbechte gräifen déi zoustänneg Servicer zeréck, fir d'Authentizitéit vun auslänneschen Diplomer a Certificaten z'iwwerpréiwen?
- Falls d'Authenticitéit net iwwerpréiwt gett, wéilt ech wëssen firwat dat net iwwerpréift gett?
- Goufen an de leschte fënnef Joer Fäll festgestallt, an deenen Diplomer oder aner Dokumenter, déi am Kader vun enger Homologatioun virgeluecht goufen, sech als

gefälscht oder net authentesch erausgestallt hunn? Wa jo, wéi vill Fäll waren dat, a wéi gouf dorop reagéiert?

- Ass virgesinn, bäi de Servicer, déi fir d'Homologatioun an d'Unerkennung vun auslänneschen Diplomer a Certificaten zoustänneg sinn, intern Auditen oder eng Iwwerpréiwung vun de Kontrollprozeduren duerchzeféieren?
- Falls nee, aus wéi enge Grënn gëtt op esou eng präventiv Iwwerpréiwung verzicht, obwuel si dozou bäidroe kéint, méiglech Schwaachstelle fréi z'erkennen an d'Qualitéit an d'Sécherheet vun de Prozedure weider ze stäerken?

Här President, bieden ech Iech, main déifste Respekt unzehuelen.

Stéphanie Weydert

CSV

AN DER CHAMBER

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

La Ministre

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Minister fir Fuerschung an Héichschoul a vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4483 vum 16. Juli 2026 vun der honorabeler Deputéierter Stéphanie Weydert**

Als aleedend Bemierkung ass drop hinzeweisen, datt d'Begrëffer „Homologatioun" an „Unerkennung vun auslänneschen Diplomer" keng Synonymmer sinn, mee Prozeduren um Niveau vum Ministère fir Fuerschung an Héichschoul (MESR) a vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) bezeechnen, déi sech souwuel duerch hiren Zweck wéi och duerch hir gesetzlech Grondlag ënnerscheeden. Fir d'Zwecker vun dëser Äntwert gëtt de Begrëff „Diplomunerkennung" als generesche Begrëff benotzt, well d'Grondprinzipie vun der Iwwerpréiwung vun der Authentizitéit vun den agereechten Dokumenter bei dëse Prozedure gréisstendeels vergläichbar sinn.

**1. Wéi gëtt am Kader vun der Homologatioun an der Unerkennung vun auslänneschen Diplomer a Certificaten kontrolléiert, datt déi virgeluechten Diplomer oder Certificaten an déi dozou gehéierend Dokumenter authentesch sinn, an net gefälscht oder op eng aner Manéier manipuléiert goufen?**

**2. Op wéi eng Instrumenter oder international Zesummenaarbechte gräifen déi zoustänneg Servicer zeréck, fir d'Authentizitéit vun auslänneschen Diplomer a Certificaten z'iwwerpréiwen?**

**3. Falls d'Authenticitéit net iwwerpréiwt gëtt, wéilt ech wëssen firwat dat net iwwerpréift gëtt?**

Bei all Demande fir eng Diplomunerkennung gëtt eng éischt Iwwerpréiwung vun der formeller Kohärenz an der Authentizitéit vun den agereechten Dokumenter duerchgefouert. Eng verdéift Iwwerpréiwung vun der Authentizitéit gëtt duerchgefouert, wann et Onkloerheeten, Inkohärenzen oder aner Unhaltspunkte gëtt, déi zousätzlech Recherchen erfuerderen. Den Ëmfang an d'Form vun dësen Iwwerpréiwunge hänkt vum jeeweilegen Dossier of.

Wéinst der grousser Diversitéit vun den Dokumenter an den Ausbildungssystemer gëtt et keng eenheetlech Method, mat där hir Authentizitéit an alle Fäll op déi selwecht Manéier iwwerpréift ka ginn.

Bei dëser Iwwerpréiwung gëtt op d'Fachkenntnisser an d'Erfarung vun de Mataarbechter aus den eenzelne Servicer zeréckgegraff.

Wann Unhaltspunkte fir eng méiglech Fälschung vun engem Diplom virleien, ginn zousätzlech Recherchen an Iwwerpréiwungen duerchgefouert. Esou kann notamment bei der Institutioun, déi den Diplom ausgestallt huet, nogefrot ginn, den zoustännegen auslännesche Ministère oder Instanz kontaktéiert ginn oder den Demandeur opgefuerdert ginn, den Originaldiplom perséinlech am Ministère virzeleeën.

An dësem Kontrollprozess spillen d'Iwwersetzungen, déi musse bäigeluecht ginn, falls d'Dokumenter net an enger vun eisen administrative Sproochen geschriwwe sinn, eng wichteg Roll. Dofir gi just Iwwersetzungen ugeholl vun am Ausland oder zu Lëtzebuerg vereedegten Iwwersetzer.

Et kënnt och vir, datt Dokumenter virgeluecht ginn, déi esou offensichtlech gefälscht sinn, datt keng weider Iwwerpréiwung néideg ass, éier eng Denonciatioun beim Parquet gemaach gëtt. Heibäi handelt et sech beispillsweis ëm vermeintlech Certificaten, déi weder an hirer Form nach an hirem Inhalt engem tatsächlech ausgestallten offiziellen Dokument entspriechen.

Bei der Unerkennung vu Beruffsqualifikatiounen am Beräich vun de reglementéierte Beruffer kënnen ausserdeem iwwer den *Internal Market Information System* (IMI) Iwwerpréiwunge bei den zoustännegen Autoritéite vun aneren EU-Memberstaaten duerchgefouert ginn. Iwwer dëse System ginn déi zoustänneg Autoritéiten och iwwer Warnunge betreffend Persounen informéiert, déi d'Unerkennung vun enger Beruffsqualifikatioun op Basis vun der Direktiv 2005/36/EG ugefrot hunn an duerno geriichtlech schëlleg gesprach goufen, falsch Beweiser fir hir beruffflech Qualifikatiounen agereecht ze hunn. Dës Warnunge ginn am Kader vum Mechanismus no Artikel 56*bis*, Paragraf 3, vun der Direktiv iwwer den IMI ausgetosch.

De Service vum MESR, dee fir d'akademesch Unerkennung vun Diplomer zoustänneg ass, ass sengersäits aktiv an den ENIC-NARIC-Reseau agebonnen. Nieft den auslänneschen Héichschoulen an den zoustännegen Autoritéite kënnen d'Mataarbechter sech deemno och direkt un hir Homologen an den aneren ENIC-NARIC-Zentere wenden. Eng Ufro kann entweder direkt un den ENIC-NARIC-Zenter vum Hierkonftsland vum Diplom geriicht ginn oder, op Basis vun Dokumenter, déi virun hirer Iwwermëttlung anonymiséiert ginn, un de Reseau als Ganzt.

Esou Iwwerpréiwunge kënnen zousätzlech Zäit an Usproch huelen an dozou féieren, datt d'Beaarbechtung vun enger Demande méi laang dauert wéi üblech. An esou Fäll muss d'Noutwendegkeet, sech vun der Authentizitéit vum Diplom ze iwwerzeegen, Virrang virun enger méiglechst kuerzer Beaarbechtungsdauer hunn.

Et sief ënnerstrach, datt am Kader vun der Diplomunerkennung grousse Wäert op eng equilibréiert Approche geluecht gëtt, déi d'Integritéit vun de Prozeduren an d'Bedierfnesser vun den Demandeuren an e richtegt Gläichgewiicht bréngt. An dësem Zesummenhang ass och op d'Äntwerten op d'parlamentaresch Fro Nr. 8056 vum 2. Juni 2023 an op d'parlamentaresch Fro Nr. 3033 vum 14. Oktober 2025 hinzeweisen. Grad well déi weider akademesch oder d'beruffflech Zukunft vun den Demandeuren dacks vun der Unerkennung vun hirem Diplom ofhänkt, muss all Demande mat der néideger Suergfalt an esou séier wéi méiglech beaarbecht ginn. Engersäits muss all Unhaltspunkt fir eng méiglech Fälschung oder Bedruchshandlung systematesch a konsequent iwwerpréift ginn. Anersäits sollen Demanden, bei deenen et keng Opfällegkeete gëtt, an engem raisonabelen Delai beaarbecht ginn, fir et dem Demandeur ze erlaben, a sengem Formatiouns- oder Beruffsparcours ze progresséieren. Dëst ënnerstëtzt souwuel d'Kompetitivitéit vun der Lëtzebuerger Wirtschaft a Fuerschung wéi och de gudde Fonctionnement vum ëffentlechen Déngscht.

Duerch dës Kombinatioun aus kritescher Analys an Effizienz gëtt garantéiert, datt déi noutwendeg Sécherheetsmoossnamen déi perséinlech an zukünfteg Entwécklung vu den Demandeuren, déi sech reegelkonform an éierlech verhalen, net onnéideg an d'Längt zéien oder blockéieren.

**4. Goufen an de leschte fënnef Joer Fäll festgestallt, an deenen Diplomer oder aner Dokumenter, déi am Kader vun enger Homologatioun virgeluecht goufen, sech als gefälscht oder net authentesch erausgestallt hunn? Wa jo, wéi vill Fäll waren dat, a wéi gouf dorop reagéiert?**

Et gëtt eng konsequent Nulltoleranzpolitik géintiwwer all Form vun Dokumentefälschung verfollegt an et gëtt an all Fall wou e Verdacht besteet mat de Justizautoritéiten zesummegeschafft. Sollt sech wärend der Instruktioun vun engem Dossier erausstellen, datt et sech ëm eng Fälschung handelt, gëtt eng formell Denonciatioun beim Parquet gemaach. Am Kader vun den Ermëttlunge ginn all nëtzlech Informatiounen an Dokumenter zur Verfügung gestallt.

Et ass an dësem Zesummenhang ze präziséieren, datt d'Zuel vun den Denonciatiounen net mat der Zuel vun de geriichtlech festgestallte Fälschungen gläichzesetzen ass. Eng Denonciatioun gëtt gemaach, wann et konkret Unhaltspunkte fir eng méiglech Fälschung gëtt. D'Feststellung, ob tatsächlech eng Strofdot virläit, fält an d'Zoustännegkeet vun de Justizautoritéiten an de Geriichter.

An de leschte fënnef Joer huet den MESR eleng am Beräich vun der Diplomunerkennung an eelef Fäll eng Denonciatioun beim Parquet gemaach, well konkret Unhaltspunkte bestanen hunn, datt déi agereechten Dokumenter gefälscht kéinte sinn.

Dokumentefälschung ass allerdéngs kee Phänomen, dee sech op d'Diplomunerkennung beschränkt an d'Nulltoleranzpolitik vum MESR kënnt och an anere Beräicher zum Droen. Esou goufen am Beräich vun de Studiebäihëllefen tëschent 2025 a Mëtt Juli 2026 insgesamt 35 Denonciatioune beim Parquet gemaach, well de Verdacht bestanen huet, datt Studente gefälschten Dokumenter mat hiren Demanden agereecht haten.

De MENJE huet an dëser Period vun de leschte fënnef Joer an exakt aacht Fäll de Parquet ageschalt, well no der interner Analys e begrënnten a fondéierte Verdacht op gefälschten Dokumenter entstanen ass.

**5. Ass virgesinn, bäi de Servicer, déi fir d'Homologatioun an d'Unerkennung vun auslänneschen Diplomer a Certificaten zoustänneg sinn, intern Auditen oder eng Iwwerpréiwung vun de Kontrollprozeduren duerchzeféieren?**

E formellen internen oder externen Audit ass aktuell bei de concernéierte Servicer vum MESR net virgesinn. D'Kontrollprozedure ginn awer kontinuéierlech a reegelméisseg iwwerpréift an, wann néideg, ugepasst.

Bei der Beaarbechtung vun den Demanden fir d'Unerkennung vun Diplomer kënnt de 6-Aen-Prinzip voll zum Droen. Dobäi ginn net nëmmen d'Unerkennungskrittären an déi proposéiert Decisioun, mee, jee no Fall, och d'Resultater vun den duerchgefouerten Authentizitéitskontrollen iwwerpréift. All

Dossier gëtt op dräi verschiddenen hierarcheschen Niveauen iwwerpréift, validéiert a schliisslech ënnerschriwwen, fir eng konsequent Uwendung vum Méi-Aen-Prinzip ze garantéieren.

Duerch dës successiv Kontrollstufe soll verhënnert ginn, datt eng Decisioun vun enger eenzeger Persoun eleng beaflosst oder manipuléiert ka ginn.

Am Joer 2024 gouf beim MENJE en internen Audit lancéiert. Am Kader vun dëser Analys goufen eng Rei vu strategesche Pisten iwwerpréift, wat schlussendlech dozou gefouert huet, datt eng Rei vu wesentleche Verbesserungspunkten an d'Praxis iwwerholl goufe fir d'Prozeduren ze moderniséieren.

Fir d'Qualitéitssécherung op en neien Niveau ze hiewen, goufe verschidde fundamental strukturell Ännerungen an d'Weeër geleet wei ënner anerem d'Aféierung vum 6-Aen-Prinzip: Deen traditionelle 4-Aen-Prinzip gouf systematesch duerch e méi strenge 6-Aen-Prinzip ersat. Dëst bedeit, datt d'Validatioun an d'Kontroll vun engem Dossier elo iwwer dräi verschidden administrativ Instanze lafen: d'Gestionnairen, déi den Dossier betreien, de Chef de direction oder säin Adjoint, souwéi de Chef de service oder säin Adjoint.

Et gouf och un engem neie Modell vu Rotatioun vun de Mataarbechter geschafft, fir d'intern Routine ze ënnerbriechen an d'Viirsicht ze erhéijen. Déi zoustänneg Beamten kruten déi strikt an explizitt Uweisung, all agereechten Diplom an alle Segmenter nach méi detailléiert ze kontrolléieren, d'Authentizitéit kritesch a Fro ze stellen an aller eventueller Onstëmmegkeet oder Inkohärenz direkt am enke Kontakt mat de jeeweilege Supérieuren am Detail nozegoen.

Dës nei ageféiert, méistufeg an hierarchesch Iwwerpréiwung déngt fir d'alleréischt mol dozou, déi absolut Objektivitéit, Transparenz an Onofhängegkeet vun allen administrativen Entscheedungen um MENJE ze garantéieren. Duerch dës strikt Sécherheetsbarriär gëtt proaktiv verhënnert, datt den Iwwerpréiwungsprozess vun engem Dossier duerch d'Interventioun oder de bewossten Afloss vun enger eenzeger Persoun manipuléiert oder verfälscht ka ginn.

**6. Falls nee, aus wéi enge Grënn gëtt op esou eng präventiv Iwwerpréiwung verzicht, obwuel si dozou bäidroe kéint, méiglech Schwaachstelle fréi z'erkennen an d'Qualitéit an d'Sécherheet vun de Prozedure weider ze stäerken?**

Wéi schonn an der Äntwert op d'Fro 5 ugedeit, gëtt bei de concernéierte Servicer vum MESR net op eng präventiv Iwwerpréiwung verzicht. Och wann aktuell kee formellen internen oder externen Audit virgesinn ass, ginn d'Kontrollmechanismen an d'Aarbechtsofleef kontinuéierlech iwwerpréift an, wann néideg, ugepasst. Dës prozessbegleedend Kontrollen hunn zum Zil, méiglech Problemer an Onreegelméissegkeeten esou fréi wéi méiglech ze erkennen an ze verhënneren, an net eréischt ze reagéieren, wann dës schonn opgetruede sinn.

Dës permanent Iwwerpréiwung an Upassung erfëllt am lafende Prozess eng Funktioun, déi mat där vun engem Audit vergläichbar ass. De Risiko gëtt deemno net duerch eng Kontroll *ex post* miniméiert, mee duerch strikt präventiv a prozessbegleedend Kontrollen am Laf vun der Beaarbechtung. Hei soll präventiv gehandelt ginn, fir méiglech Problemer a Verstéiss ze verhënneren, an net eréischt am Nohinein, wann dës schonn opgetruede sinn.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

La Ministre

Zousätzlech zu den uewe beschriwwenen Iwwerpréiwungen, gëtt an Zesummenaarbecht mam CTIE en neit informatescht Instrument fir d'Beaarbechtung vun den Demanden entwéckelt. Dëst soll an Zukunft eng nach méi systematesch Gestioun vun de bei de Recherchë gesammelten Informatiounen erméiglechen. Doduerch kënnen d'Mataarbechter Diplomer aus deene selwechte Länner oder vun deene selwechten Héichschoule méi séier a méi präzis matenee vergläichen a méiglech Unhaltspunkte fir Bedruch nach besser erkennen.

Dat neit informatescht Instrument soll deemno d'Mataarbechter bei der strukturéierter Erfaassung, der Recherche an dem Verglach vun den disponibelen Informatiounen ënnerstëtzen. Et ergänzt déi fachlech Analys an déi extern Iwwerpréiwungsméiglechkeeten, ouni dës ze ersetzen. D'Bewäertung vun der Authentizitéit vun den Dokumenter an d'Decisioun iwwer d'Demande bleiwe weiderhin op enger spezifescher Analys vum jeeweilegen Dossier baséiert.

Et muss een awer nach eng Kéier kloer betounen, datt dëst Instrument als eng Ergänzung zu der fachlecher Bewäertung an den externe Verifikatiounsprozeduren agesat gëtt, ouni dës ze ersetzen. Déi inhaltlech an administrativ Bewäertung vun der Authentizitéit vun engem Dokument, grad esou wéi déi final Decisioun iwwer de jeeweilegen Dossier, beroue weiderhin exklusiv op enger streng individueller, Fall zu Fall a spezifescher Analys vun all eenzelner Demande duerch d'Beamten.

D'Fachkenntnisser vun de Mataarbechter ginn duerch den Erfarungsaustausch an den europäeschen Netzwierker an duerch d'Deele vu bewäerte Praktike kontinuéierlech aktualiséiert. Nei Erkenntnisser iwwer Fälschungsmethoden oder Opfällegkeete bei bestëmmten Dokumenter kënnen esou an d'Aarbechtsofleef an an déi intern Kontrollmechanismen afléissen.

Lëtzebuerg, den 1. September 2026

D'Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul

(s.) Stéphanie OBERTIN